



REGULUS JUNIOR-CLUB

PROGRAMM

OKTOBER – DEZEMBER 2026



natur&ëmwelt

Regulus Junior-Club
5, route de Luxembourg
L-1899 Kockelscheuer
Tel.: 29 04 04 -1 Fax: 29 05 04
jugend@naturemwelt.lu
www.naturemwelt.lu

Samschdes, den 3. a Sonndes, de 4. Oktober 2026

D'Rees an de Süden

EuroBirdwatch26

Heimat bass du an deng Famill invitéiert fir bei den interessante Vullebeobachtunge matzemaachen. De Programm vum Birdwatchday kanns du op der nächster Säit noliesen !



D'Rees an de Süden

Zuchvulle beobachten a bestëmmen

Den 3. a 4. Oktober bitt natur&ëmwelt erëm d'Méiglechkeet d'Zuchvullen op hirer Rees an de Süden ze beobachten. Ganz besonnesch d'Fiichtgebiddere eegnen sech dozou, well d'Vullen sech do fir eng kuerz Zäit nidderloosse fir ze friessen an esou hir Fettreserven opzebauen. En Team vun Ornithologe féiert duerch d'Gebiddere.

Eng Spektiv a deck Schong sinn erwünscht.

Programm



Samschdes, den 03.10.2026

Visitt vum natura 2000 Gebitt Schlammwiss zu Iwwersyren um 09.00 Auer

Féierung duerch d'Naturschutzgebitt a Besuch vun der Vulleberéngungsstation Schlammwiss.

Treffpunkt: Mënsbech, Parking Fußballsterrain

Obligatoresch Umeldung: 621 29 36 95 oder schlammwiss@gmail.com

D'Vullen op a ronderëm d'Sauer um 09.30 Auer

Hei ginn all d'Vullen laanscht d'Sauer beobacht, an Dir kritt spannend Erklärungen zu den eenzelnen Vullen.

Treffpunkt: Bettendorf, rue de la Gare direkt an der Sauerbrücke

Obligatoresch Umeldung: 621 65 04 70 oder comite@naturemwelt-nordstad.lu

Sonndes, de 04.10.2026

Biodiversum / Remerschen um 09.00 Auer

Féierung duerch d'Naturschutzgebitt Haff Réimech an dono hutt Dir d'Méiglechkeet eng Visite am Biodiversum ze machen.

Treffpunkt: Biodiversum, 5, Breicherwee, Remerschen

Samschdes, den 10. Oktober 2026

Äppel a Biren plécken am Bongert

Jiddereen, Grouss a Kleng, ass
invitéiert eng Hand mat unzepaken,
esou wéi et him zäitlech passt.



Et kann een sech och gratis e Kuerf
Äppel oder Bire plécken!

Et gött och Viz gepresst fir direkt ze schmaachen!

Dir sidd also häerzlech invitéiert mat ärer ganzer
Famill laanscht ze kommen!

Auerzäit:

10.00-15.00 Auer

Treffpunkt:

Bongert Altenhoven
Bettembourg

Samschdes, den 31. Oktober 2026

Steepilz oder Méckepilz?



Op enger Entdeckungstour duerch de Bësch gi mir mat engem Expert op d'Sich no Champignons. Mir kréien Erklärungen zu de verschiddenen Zorten a gi gewuer wéi eng ziesse sinn a wéi eng ongenéissbar oder souguer gëfleg sinn.

Deng ganz Famill ass wëllkomm fir bei dëser intressanter Aktivitéit deel ze huelen.

Auerzäit:

09.30-11.30 Auer

Treffpunkt:

Kockelscheier


Haus vun der Natur



Alter:

6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €



Mëttwochs, den 4. November 2026

De Kéiseker sicht en Doheem

De Wanter steet virun der Dir an eis Kéiseker sichen eng sécher Plaz, fir sech zeréckzezéien. Zesumme gi mir op Entdeckungsrees a fannen eraus, wéi de Kéiseker leeft, wat hie fir de Wanter brauch a wéi mir him hëllef kënne. Dono baue mir e Kéisekerhaus a kucke wéi mir d'Ëmgéigend kéisekerfrëndlech gestalte kënne. Zum Schluss ka jidderee säi selwer gebauten Haus mat Heem huelen an domat am eegene Gaart engem Kéiseker eng sécher Plaz bidden.



Auerzäit:

10.30-15.30 Auer



Treffpunkt:

Kockelscheier

Haus vun der Natur

Alter:

8 bis 12 Joer

Onkäschten: 35 €

Samschdes, de 14. November 2026



Geflatters a Geflüsters

E Flilleksschlag an e Schiet, deen duerch déi schummereg Owesluucht huscht, dat ass bestëmmt eng Fliedermäus. Fliedermäis si wierklech aussergewöhnlech: et sinn déi eenzeg Mamendéieren, déi fléie kënnen an entgéint hirem deels schlechte Ruff erweisen si ons wichteg a wäertvoll Déngschter. Deen Dag entdecke mir d'Wourecht iwver dës faszinéierend Kreaturen, iwverleeën eis zesumme mat de *Rotondes* eng Geschicht dozou a bauen eng Naschtkëscht fir d'Fliedermäis.

Fir lessen a Gedrénks ass gesuergt!

Auerzäit:

10.00-16.00 Auer

Treffpunkt:

Kockelscheier

Haus vun der Natur



Alter:

8 bis 12 Joer

Onkäschten: 40 €

Dönschdes, de 17. November 2026

Missioun Vullefudder

D'Fiddere vun de Vullen am Wanter ass net nëmmen en Naturerliewnis, mee et hëlleft och beim Bestëmme vu verschidde Vullenaarten.

Dësen Nomëtteg wäerte mir verschidde Vullefudderen bastelen, déi dir dann an ärem Gaart oder op ärem Balcon kennt ophänken.



Auerzäit:

14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:

Steinfort,
Centre Mirador

Alter:

6 bis 12 Joer

Onkäschten: 6 €



Dönschdes, den 1. Dezember 2026



Ho – ho – ho

Chrëschttag ass gläich do!

Eise Klassiker!! Déi wanterlech Natur gëtt engem vill Materialie fir eng flott Deko fir d'Enn vum Joer ze bastelen.

D'Feierdeeg ganz natierlech a nohalteg.

Bei Glühjus a flotter Musek werkelen a bastele mir.

Auerzäit:

14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:

Kockelscheier

Haus vun der Natur



Alter:

6 bis 12 Joer

Onkäschten: 10 €

Donneschdes, den 10. Dezember 2026



All zesummen um Bauernhaff

Op eistem klengen Biobauernhaff beim Haus
vun der Natur entdecke mir déi verschidden
Haffdéiere wéi z.B. Kanéngercher, Hénger,
Schof, Geessen..... Natierlech hëllefe mir och
bei den Aarbechten um Haff wéi ausmëschen
a fidden.

Dono wäerte mir nach eppes Flottes mat Woll
bastelen.

Auerzäit:


14.30-17.00 Auer



Treffpunkt:

Kockelscheier

Haus vun der Natur



Alter:

6 bis 12 Joer

Onkäschen: 10 €

Dönschdes, den 15. Dezember 2026

Läschteg Adventsbäckerei

Wëllkomm an der läschtegster Adventsbäckerei säit et Kichelcher gëtt! Mir bake Schneekeges fir d'Wanterzäit! Pünktlech fir d'Adventszäit bake mir Kichelcher a maachen nach aner gutt Saachen aus gesonde Vollwäertprodukter.


Auerzäit:

14.30-17.00 Auer

Treffpunkt:

Kockelscheier

Haus vun der Natur



Alter:

6 bis 12 Joer

Onkäschten: 10 €

Samschdes, den 5. Dezember 2026



De Wanterbësch entdecken

An eise Atelier am Bambësch kann een de Wanterbësch mat alle Sënner entdecken: duerch Fillen, Richen, Schmaachen, Upaken a Kucke kann een de Bësch an der kaler Joreszäit erliewen.



Auerzäit:

Samschdes, de 5.12.:

11.00-19.00 Auer

Treffpunkt:

Bambësch,
22, rue de Bridel
L-1264 Lëtzebuerg



Numm: _____

Numm (Mamm) _____

Numm (Papp) _____

Adress: _____

Uertschaft: _____

Gebuertsdatum: _____

GSM (Mamm): _____ GSM (Papp): _____

Mails: _____

mellet sech un fir: (ukräize w.e.g. a mailen oder zeréckschécken un de Regulus Junior-Club)

- | | |
|---|--|
| ☐ Steepilz oder Méckepilz
31.10.2026 | ☐ Ho – ho - ho
Chrëschttag ass gläich do!
01.12.2026 |
| ☐ De Kéiseker sicht en Doheem
04.11.2026 | ☐ All zesummen um Bauerenhaff
10.12.2026 |
| ☐ Geflatters a Geflüsters
14.11.2026 | ☐ Lëschtteg Adventsbäckerei
15.12.2026 |
| ☐ Missioun Vullefudder
17.11.2026 | |

Fir d'Aktivitéiten, wou mir deng Participatioun zeréckbehalen hunn, kriss du eng Bestätegung per Flyer!